
28. November 2025
KANNER RADIO NUECHT
100,7
Eng Nuecht an der PHILHARMONIE
Vun 19 Auer bis Mëtternuecht
BACK STAGE PASS
RADIO 100,7

**Refrain:**

*Hal de Kapp iwwer Waasser*
*Bau net op just wat war*
*Jiddereen de jee en Dram hat weess*
*nach en Dag dat ass d'Haaptsaach*

*nach en Dag dat ass d'Haaptsaach*
*nach en Dag dat ass d'Haaptsaach*
*Jo dat Liewen ass schéin,*
*et ass eng Tatsaach*
*Nach en Dag dat ass d'Haaptsaach*

**Stroph 1:**

D'Luucht schéngt mir a meng Aen
De Wand deen ass kal,
mee d'Sonn hält mech waarm

Ech leien ënnert dem Bam
a säit ech hei ukoum si Stonne vergaang
Harmonesch gestëmmt
hu Progrès gemaach,
sinn am Moment
en ass onendlech laang
Mir Mënsche brauche vill Harmonie
ass et net stëmmeg,
dann ass dat net gutt
fir deng Psychologie
dofir huel et wéi et kënnt
ass meng Philosophie

Heiansdo kann s de sou héich fléien
heiansdo kriss de an der Déift Téitschen
heiansdo muss och eng Tréin fléissen
Séiss a batter, se si béid néideg
Séiss a batter, se si béid néideg
Séiss a batter, se si béid néideg

**Refrain**




**Stroph 2:**

Déi schéinste Momenter waren ëmmer
déi, déi ech net plange konnt
Ouni Dirigent huet jidderee säin
eegenen Takt empfonnt

De Reen deen trommelt op mäi Kapp,
dat ass fantastesch Konscht
an de Wand spillt wéi en Orchester am
Hannergrond
An d'Instrumenter sinn all
zu engem Ganze verschwomm
D'Liewen ass eng Symphonie, yeah,
an ech danzen zum Song

D'Welt déi séngt seng Melodie,
mir danze Walzer mat Schwong
D'Welt déi séngt seng Melodie,
mir danze Walzer mat Schwong

**Refrain**



# VIRWUERT

**Léif Frënn a Frëndinne vun der Musek,**

Et ass de leschte Freideg am November, mat anere Wierder et ass: Kannerradionuecht! Freet iech op e laangen Owend, mat spannende Geschichten, gudder Musek, flotte Reportagen an enger gudder Zäit mam Radio.

Dëst Joer geet et op de Kierchbierg, an déi majestéitesch Philharmonie, déi amplaz vu Maueren 823 wäiss Sailen huet, déi hiren Daach droen. Hei kucke mir hanner d'Kulissen - opgepasst, dofir braucht dir äre Backstage-Pass - schwätze mat jonken a manner jonke Museker:innen esou wéi mat Instrumentebauer. Dofir hu mir extra eis 100,7-Kannerreporter:inne mat hire Mikroe lassgeschéckt. An eiser grousser Lauschtergeschicht verbrénge mir déi ganz Nuecht an der Philharmonie, joen den Nouten duerch de Keller an de Späicher no a froen eis, wéi vill Verännerung klassesch Musek eigentlech verdréit.

Dofir hoffe mir, datt dir gutt preparéiert sidd. Sinn d'Sol-Schlëssele gebak? An d'Mozartkugele gerullt? Sidd dir chic ugedoen? Haut den Owend ass et wéi bei de Pianostasten: Et passt just schwaarz a wäiss. Da geet et lass mam Kannerradionuechtsong 2025: "Nach en Dag" vum luk.

An dëser Brochure fannt dir alles, wat dir fir dës drëtt Kannerradionuecht vum Radio 100,7 braucht: Den Dresscode an d'Rezepter, fir sech op den Owend virzebereeden, esou wéi den Text vum Lidd, fir matzesangen. Dann nach eng Uleedung, fir sech säin eegent Instrument ze schnëtzen, an d'Beschreiwung vu flotten Experimenter, déi perfekt an dësen Owend passen.

Dobäi gëllt et awer net ze vergiessen, de Radio ze lauschteren! Soss verpasst dir d'Museksrätsel, wou dir aus Geräischer Buschtawe maache musst, fir de Léisungssproch ze entzifferen. An dir verpasst äert Liblingslidd, wat dir iech speziell fir dësen Owend wënsche konnt.

Mir erwaarden natierlech och Besuch am Studio, eis Reporter:inne sinn am Land ënnerwee fir ze kucken, wéi dir d'Kannerradionuecht verbréngt a wéi all Joer wäert et wuel och nees déi eng oder aner Iwwerraschung ginn.

Schalt de Radio an! Mir freeën eis,

Paule a Jean Claude



# DRESSCODE




Orchestermuseker:inne si feierlech awer dezent gekleet.

Den offiziellen Dresscode ass dëst Joer schwaarz a wäiss. Wann s du e wäisst oder schwaarzt Hiem oder e Rack hues, passt dat perfekt.

Fir de richtege Mozart-Flair zéck net fir eng wäiss Paréck unzedoen. A fir am Orchester trotzdeem erauszestiechen, kanns du e klengen, faarwege Putsch oder eng Méck undoen.




Paltong



Hiem



Mozart-Paréck



Putsch



Rack


# SOUNDRÄTSEL




Eist Soundrätsel ass dëst Joer e Museksdiktat. Et ginn dräi verschidde Perkussiounsinstrumenter: Déi déck Tromm, Hänn-Klatschen an eng Cymbal. All Instrument huet eng Noutelinn. Mir spillen dräimol am Laf vun der Kannerradionuecht e klengt Stéck mat deenen dräi Instrumenter.


Lauschter gutt no a markéier all Toun mat engem Punkt oder Stréch op där richteger Noutelinn.

Dräi Téin entspriechen allkéiers engem Buschtaf an der Alphabet-Tabell. Fënns du eraus, wéi eng dräi Wierder sech hanner den Téin verstoppen?




Wuert 1:



Wuert 2:



Wuert 3:

# LAUSCHTERGESCHICHTEN



**Eng Nuecht an der Philharmonie**
**vum Olivier Garofalo**

Muer ass e wichtege Concert vun de Lëtzebuerger Philharmoniker! D'Generalprouf ass grad eriwwer. D'Museker:inne sinn um Wee fir heem. Hir Instrumenter awer bleiwen den Owend an der Philharmonie. Wou et awer séier Diskussioune gëtt: Tëschent all de klassesche Blos-, Sträich- a Schloinstrumenter steet nämlech och eng Oud, eng kleng arabesch Gittar. Mee dat ass net alles. Och d'Nouten hu keng Loscht, déi ganz Nuecht roueg sëtzen ze bleiwen. A scho geet et lass mat enger turbulenter Juegd duerch d'Philharmonie, vill Duercherneen an enger grousser Fro: Sinn d'Nouten nees alleguer um Blat, éier de Concert lassgeet?





**Geschichten aus dem Déierebësch**
**vum Trio Dora**

Et ass Hierscht, d'Blieder fale vun de Beem an d'Déieren am Bësch bereede sech op de Wanter vir. Kommt mat bei den Hirsch, d'Bëschmaus, de Bampiipster, d'Knäckint an d'Krickint an erlieft flott Abenteuer, ënnerluecht mat wonnerschéiner Musek, déi de Joseph Haydn viru laanger Zäit komponéiert huet an déi den Trio Dora fuschnei agespillt huet.

# MIR BASTELEN ENG FLÜTT AUS ENGER MUERT



**Mir brauchen:**

- Eng grouss, riicht Muert (net ze dënn, net ze vill gebéit)
- E spatzt Messer oder Täschemesser
- E klenge Burer (fir Lächer ze maachen)
- E Schneidbriet
- E Stopp oder Styropor

1. Schiel d'Muert, wa se ganz onreegelméisseg ass.




2. Schneit d'Spëtzt of, esou datt eng riicht Uewerfläch entsteet (dat gëtt d'Enn vun der Flütt)



3. Buer oder hieleg d'Muert vu vir lues a lues aus, ongeféier bis an d'Hallschent oder e bësse méi wäit.




4. Schneit d'Enn vun der Flütt (wou's du bléis) schréi un - esou kritt d'Loft eng Kant fir ze vibréieren.



5. Huel e Stéck Kork oder Styropor a schneit en an der Mëtt de längelzege Wee duerch.



6. Setz e klengen Holzstäbchen, Stréi oder Korkstéck an dat Enn, mat engem klenge Keil ausgeschnidden, fir d'Loft ze leeden.



7. Buer 3-5 kleng Lächer op der Spillsäit vun der Muert ongeféier 1-2 cm auserneen.



8. Blos virsiichteg eran a probéier, wéi et kléngt.



# MIR BASTELEN ENG KNUPPTUT!

Mir brauchen:

- Een DIN-A4-Blat Drucker-Pabeier

Ëm wat geet et?

Et geet dorëms erauszefannen, wéi e Knall duerch Beweegung vun der Loft produzéiert gëtt. An dofir produzéiere mir elo mat eiser selwer gefaalter Knupptut aus Pabeier e Knall.

Wéi maache mir dat?

1. Faalt d'DIN-A4-Blat der Längt no
2. Faalt et elo nach eng Kéier der Breet no
3. Klemmt elo déi Plaz, wou déi 4 Ecken zesummekommen, tëschent den Daumen an de Zeigefangeren
4. Zitt déi zwou bannenzegst Pabeierloen eraus, esou datt se net méi vun de Fangere festgehale ginn
5. Huelt wäit mat ärem Aarm aus, huelt Schwong an da beweegt d'Knupptut mat engem séiere Mouvement vun uewen no ënnen

Wat geschitt?

Bei der séierer Beweegung no ënne klappen déi Pabeierloen, déi net méi festgehale ginn, ganz ganz séier eraus an dir héiert e Knall an dir spiert eventuell och de Loftzuch.





# MIR BASTELEN ENG FLÜTT!

Mir brauchen:

- E Schallimo mat engem bësse méi breeden Duerchmiesser
- Ee Loftballon
- Tesa-Film
- E bësse Waasser

Ëm wat geet et?


Et geet dorëms erauszefannen, wéi den Toun vun enger selwer gebastelter Flütt méi héich oder déif gëtt, jee nodeems wéi vill Plaz d'Schwéngunge vun der Loft hunn, déi den Toun maachen.

Wéi maache mir dat?

1. Fëll e bësse Waasser an de Loftballon
2. Befesteg de Loftballon un engem Enn vum Schallimo mat Tesa-Film
3. Blos an de Schallimo, esou wéi s du dat bestëmmt scho mat enger Gedrénksfläsch gemaach hues
4. Dréck ganz liicht op dee mat Waasser gefëllte Loftballon

Wat geschitt?

Wann s du an de Schallimo bléis, fänkt d'Loft am Schallimo un ze schwéngen. Wann s du op de Loftballon drécks, kléngt den Toun vun der Flütt méi héich, well d'Loft am Schallimo manner Plaz huet fir ze schwéngen. D'Waasser, dat aus dem Loftballon an de Schallimo klëmmt, hëlt der Loft Plaz ewech.



# REZEPT: MOZARTKUGELEN



Fir 25 Kugele brauchs du:

- 150 g Noss-Nougat (lee en an de Frigo, wann en ze mëll fir ze schneiden ass)
- 50 g Pistaschkären
- 200 g Réimarzipan
- 50 g Pudderzocker
- 300 g Couverture aus däischterem Schockela

Zoubereedung:

1. Lee e Stéck Bakpabeier op e groussen Teller.
2. Schneit den Nougat a 25 gläich grouss Stécker a rull se zu Kugelen.
3. Stell den Teller mat de Kugelen an de Frigo.
4. Muel d'Pistaschen an enger Kichemaschinn oder mam Mörser ganz reng.
5. Kniet de Marzipan mam Pudderzocker an der gemuelener Pistasch zu enger Mass. Dréck de Marzipan flaach a schneit en a 25 gläich grouss Stécker.
6. Wéckel déi 25 Nougat-Kugelen an d'Marzipanstécker an a form eng reegelméisseg Kugel.
7. Lee déi 25 Kugelen op de Bakpabeier.
8. Schmëlz de Schockela an engem Bain-marie (looss dir vun engem Erwuessenen hëllefen).
9. Wann de Schockela geschmolt ass, huel d'Schossel aus dem Waasser, waart kuerz an zapp d'Kugelen eenzel (z. B. mat engem Zahnstocher) an de Schockela a looss se um Bakpabeier dréchnen.



# REZEPT: SOL-SCHLËSSEL-BRETZEL



Fir ca. 6-8 Bretzele brauchs du:

- 500 g Miel (Typ 550)
- 1 Wierfel frësch Hief (42 g)
- 1 TL Zocker
- 1 TL Salz
- 50 g Botter (zerluecht)
- 250 ml wotlech Waasser oder Mëllech
- Salz oder Sesam, Sonneblummekären etc.

Fir d'Lauge
(optional, fir déi richteg Bretzelkrust):

- 1 L Waasser
- 40 g Natron



Deeg maachen:

1. D'Hief am wotleche Waasser/Mëllech mat Zocker opléisen, 5 Minutte stoe loossen.
2. Miel a Salz an eng Schossel ginn, Botter dobäi.
3. D'Hiefmëschung dobäi schédden an alles zu engem glaten, elasteschen Deeg knieden (ongeféier 8-10 Minutten).
4. Ofgedeckt op enger waarmer Plaz ca. 45-60 Minutte goe loossen.

Formen:

1. Den Deeg an 3-4 Stécker deelen.
2. All Stéck zu enger laanger Schnouer rullen (ongeféier 60 cm).
3. Zu engem Nouteschlëssel formen.
4. D'Waasser mat Natron opkache loossen (virsiichteg, et schaimt!).
5. D'Bretzelen (oder Schlësselen) jeeweils 30 Sekonnen dran zappen, erausheulen a gutt ofdrëpse loossen.

Baken:

1. Uewen op 200 °C (Ober-/Unterhitze) virhëtzen.
2. D'Bretzele mat Salz oder Kären bestreeën.
3. Op engem Blech mat Bakpabeier 15-20 Minutte baken, bis se schéi brong sinn.
4. Ofkille loossen - a genéissen!

# BACKSTAGE-PASS

Hei fënns du den offizielle Backstage-Pass vun der Kannerradionuecht.
Du kanns en ausschneiden an an déi wäiss Fläch däin Numm draschreiwen.

Ob doheem zesumme mat denge Kolleegen, an der Schoul oder am Veräin: mat dësem Backstage-Pass gëss du iwwerall duerchgelooss!

